## Allocution

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif Giedelen a Pätteren vu Kanner aus der Schoul Amizero
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen, a Vertrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,
Léif Memberen vun der Association des Parents d'élèves a léif Elterevertrieder,
Léif Memberen vun eise Partnerassociatiounen, resp. Associatiounen di eis nostin ewéi d'AMU (Action pour un Monde Uni), Diddeleng hëlleft, Little Sequoia
Am Numm vun eiser asbl Amitié Am Sand Amizero begréissen ech iech nees ganz härzlech op eiser AG 2014.

(…)

Et ass also nees un der Zäit de Réckbléck an de Point iwwert eis Arbecht ze maachen.

Niewt engem prall gefëllten Agenda, op deen d'Colette am Rapport d'activités mi genee wärt agoen, stoung den Exercice 2013-2014 awer och am Zeeche vun enger Reih vun Gedenkdeeg a Commémoratiounen, déi fir eis Associatioun vu grousser Wichtegkeet sinn:

5 Joer ass ët hier, datt mir ugefaangen hunn, eise gemeinsame Projet d'extension vun der Schoul zu Ruhango auszeschaffen, deen 2011 de Cofinancement vum MAE accordéiert kruut. Am Mee d'läscht Joer hu mir du kënnen mat enger Délégatioun vu 4 Membren aus dem Comité mat hierer Begleedung an zesumme mat 4 Leit aus dem Scheffen- a Gemengeroot aus der Gemeng Nidderanven op Ruhango reesen, fir do daat neit Gebäi feierlech anzeweihen. E grousse Succès, an en emouvante Moment, wou all eenzegt Kannerschmunzelen aus de Schülerreihen eis Méien a Suerge vun de läschte Joere belount huet.

10 Joer genau ass ët hier, datt mir di éischt Kontakter mat eise Partner, deemols duerch den Här Mbarushimana, geknüpft hunn… Datt dorauser emol eng Associatioun géng wuessen, di eng Schoul em hiert 7facht géng vergréisseren,

datt eis ganz Schoulgemeinschaft aus dem Sand an eis Gemengenautoritéiten eis dobäi génge vertrauen an ënnerstëtzen, datt mir 10 Joer dono eis Aktiounen an eis Hëllef op aner Schoulen aus dem Secteur kéinten ausweiden, hätte mir eis deemols nët mol kënnen oder wëllen dreemen loossen!

20 Joer ass ët awer och hier, datt am Rwanda de grausame Génocid stattfonnt huet. An d'Commémoratioune hunn souwuel am Rwanda wéi och an aanere Länner ugefaangen.

De 19 Januar ass zu Ruhango an der Schoul "Amizero" « d'Flamme de l'espérance » ukomm, déi hiere Parcours duerch di 30 Distrikter am Rwanda duerchleeft, ier se fir den offiziellen Ufank vun de Commémoratiounen de 7. Abrëll zu Kigali nees antrëfft.

„Amizero“: Dat heescht op Kinyarwanda esouvill wéi: Espoir, Hoffnung.

Eng schéi Plaatz also, fir symbolesch d'Flaam an der Schoul „Amizero“ an Empfang ze huelen. Eng ideal Plaatz awer och fir am iwwerdroene Sënn d'Hoffnung op eng mi friddlech Zukunft duerch eng gudd Bildung a Friddenserzéihung ze fleegen, an engem Land, wou d'Leit mat all hierer Energie probéiren, mateenen ze coexistéiren trotz der däischterer Vergaangenheet déi nach schwéier op hinne laascht.

De réSEAU vun den UNESCOSCHOULEN, « les Navigateurs de la Paix », huet 2013 säi 60. Anniversaire gefeiert. Eis Schüler aus der Schoul Am Sand, déi säit 2001 eng UNESCOSCHOUL ass, hunn op der Séance académique am November zu Stroossen en Theaterstéck zum Thema vun der „Qualité de l'enseignement“ opgefouert. D'Thema stoung an engem enken Zesummenhang mat eisem Engagement datt d'Educatioun iwwerall e Grondrecht muss sinn an datt ët e Mëttel ass, nohalteg eng méi human Welt ze schaafen.

De Message vun deem Stéck war och d'Hoffnung-Amizero also, datt d'Educatioun de Kanner ët erméiglecht, traumatesch Erliewnisser vu Krich a Gewalt ze meeschteren an mat enger gewësser Zouversiich an d'Zukunft ze kucken.

Mir hu eis der Qualitéit vun der Educatioun, am Rwanda, awer och bei eis, verpflicht, an d'läscht Joer op eiser AG hu mir eis Statuter esou emgännert, datt mir eis Hëllef och op aner Schoulen ausweiden, wat mir no eiser Rees am Mee och schon direkt an Ugrëff geholl hunn. Eise Numm wollte mir awer nët änneren, well mir dat Wuert HOFFNUNG-ESPOIR nët wollte mëssen.

➔ Slide!

Glacen an Trommlen-wat huet dat lo mat ménger Ried ze dinn?

Virun enger Zäitchen hu mier zu e puer aus dem Comité de Film „Sweet Dreams" gesinn. Dëse Film erzielt d'Geschicht vun der éischter, a bis elo eenzeger Trommler-Trupp vu Fraen am Rwanda. Domatt nët genuch, gemeinsam hunn si och dat éischt a bis elo eenzegt Glacegeschäft am Rwanda op d'Bee gestallt.

Dat wier jo alles villäicht nët esou aussergewéinlech, wann ët nët drëms géng goen, an dëser Trupp vu 60 Fraen souwuel Affer,  Weesekanner vum Génocid, wéi och Duechteren, oder Witfraen vun deemoolegenTäter aus dem Génocid ronderem e gemeinsamen, hoffnungsvolle Projet ze versammlen: d'Musëk, d'Freed an de Genoss.

Wéi ech dee Film gekuckt hunn, ass mir bewosst ginn, wéivill onerwaarte Ressourcen a wéivill Kreativéit sëch a jidderengem verstoppen kann, och wann een dat Onfassbart huet missen erdroen. Wann et méiglech ass, dës Energie op eng positiv Art a Weis ze kanaliséiren, wuessen dorauser Projet'e voll Hoffnung, déi Garante fir e friddlecht Zesummeliewe sinn.

Et ass e valorisant d'Gefill festzestellen, datt mir eisem Numm „Amitié Am Sand-Amizero" kënne gerecht ginn, datt eis Aktiounen a Projeten hieren, wann och bescheidenen Deel dozou bäidroen, datt ëmmer méi Kanner zu Erwuessener eruwuessen, di hier Talenter a Stärkten kënnen entwéckelen, di e positiven Afloss op hier Communautéit wärten hunn an esou à leur tour dozou kënnen bäidroen, nohalteg eng méi human Welt ze schaafen

➔ Slide

Während der Inauguratioun vum neie Gebäi zu Ruhango am Mee hunn d'Kanner eis e Gedicht virgedroen. Ech wollt iech ofschléissend just e puer Zeile virliesen:

*«  Chers visiteurs (…),*
*Grâce à votre aide,*
*Nous avons des maisons modernes*
*Des laboratoires de la vision*
*Ce que nous inaugurons aujourd'hui,*
*Nous ferons des hommes et des femmes dignes*
*Et notre avenir sers sans tache*
*Et nous vous remercions de tous nos cœurs*
*Chers visiteurs (…)*
*(Extrait du poème lu par les élèves lors de la fête d'inauguration)*

"Nous ferons des hommes et des femmes dignes…"

Iech all kënnt dëst  Verspriechen zegutt, iech dofir e grousse Merci fir ärt Vertrauen an är Ennerstëtzung, an an deem Sënn  wënsche ech mir, datt Glacen- an Trommlerprojeten iwwerall wéi Champignonen aus dem Buedem wuessen.

Villmols Merci!

**« LE MONDE EST DANGEREUX À VIVRE,**
**NON À CAUSE DE CEUX QUI FONT LE MAL,**
**MAIS À CAUSE DE CEUX QUI REGARDENT ET LAISSENT FAIRE. »**
*EINSTEIN*